# Komm mat an d'Vakanz mam

## JUGENDROUTKRÄIZ 2024




croix-rouge luxembourgeoise

*Mënschen hëllefen*

Zanter Jore beméie mir ons, och ganz speziell ons Destinatioune fir Kanner a Jugendlecher mat Behënnerungen zougänglech ze maachen. Fir den Openthalt vu Persoune mat engem Handicap optimal virzebereeden, froe mir déi concernéiert Leit eis beim éischte Kontakt iwwer d'Besoine vum Kand ze informéieren.

Depuis plusieurs années, nous essayons d'adapter au mieux nos activités aux enfants et aux jeunes personnes en situation de handicap. Nous remercions les personnes concernées de nous informer, dès le premier contact, de la nature du handicap et des besoins spécifiques éventuels de l'enfant afin de pouvoir préparer au mieux l'équipe d'encadrement constituée de bénévoles.

## Tarifs

D'Präisser vun onse Vakanze sinn no dem reelle Präis vun de jeeweilegen Destinatiounen ausgeluecht. Se beinhalten den Transport, d'Verpfleegung, d'Schlofplazen, dat jeeweilegt Angebot un Aktivitéiten an natierlech all néideg Versécherungen an eventuell Taxen.

Iwwert speziell Tariffer gi mer Iech gäre méi detailléiert Informatiounen.

D'Méiglechkeet iwwert de Chèque-service eng Reduktioun ze kréien ass nach ëmmer ginn, mir brauchen dofir eng Kopie vum Kontrakt vum Chèque-service.

---

Les participations sont calculées sur la base du prix coûtant de nos différentes activités. Elles comprennent le transport, l'hébergement, les repas, les excursions, les entrées et toutes les taxes de séjour ainsi que les assurances. Les prix indiqués sur notre site internet sont donnés à titre indicatif. La Croix- Rouge peut accorder des réductions sur demande pour des personnes en situation difficile (revenus bas, endettement élevé, familles monoparentales,...).

Il est toujours possible de demander une réduction à travers le chèque service. Pour ce faire, vous pouvez nous envoyer une copie de votre contrat de chèque-service.







## Vakanze mam Lëtzebuerger Jugendroutkräiz:

- **Abenteuer erliewen**
- **Neies entdecken**
- **Action pur**
- **Nei Kolleege kenne léieren**
- **Genéisse**
- **Sech erhuelen**
- **Chillen**

Vakanze mat dem Lëtzebuerger Jugendroutkräiz si Vakanze fir jidder Kand am Alter vu 4 bis 17 Joer. Zanter méi ewéi 60 Joer sinn ons Vakanze feste Bestanddeel vun de Schoulvakanze fir vill Kanner a Jugendlecher. Zanter e puer Jore beméie mir ons och ganz speziell ons Destinatioune fir Kanner a Jugendlecher mat Behënnerungen zougänglech ze maachen.

## Des séjours de vacances avec la Croix-Rouge luxembourgeoise de la Jeunesse

- **Vivre de nouvelles aventures**
- **Faire des découvertes**
- **Faire le plein d’action**
- **Rencontrer de nouveaux copains**
- **Récupérer**
- **Se reposer**

Les séjours de vacances de la Croix-Rouge de la Jeunesse sont des vacances ouvertes à tout enfant âgé de 4 à 17 ans. Depuis plus de 60 ans, nos séjours de vacances sont le lieu de rendez-vous de centaines d’enfants pendant les vacances scolaires. Nous essayons autant que possible d’ouvrir nos séjours à des enfants et adolescents en situation de handicap.

# ENCADREMENT

An all onse Vakanze ginn d'Kanner vu Monitricen a Moniteure betreit, déi bei beim Lëtzebuerger Jugendroutkräiz oder bei Organisatioune mat änlechen Aktivitéiten eng Ausbildung zum Animateur ugefaangen hunn. Ons Monitricë a Moniteure si Fräiwëlleger, di wärend hirer Fräizäit ouni Bezuelung hiert Bescht maache fir de Kanner a Jugendlecher eng schéin an onvergiesslech Vakanz unzebidden.

All Joer si circa 200 Fräiwëlleger am Asaz fir d'Wuel vun onser jonker Clientèle.

**Curriculum vun der Formatioun "aide-animateur Brevet B": 150 Stonnen:**

- Mindestens 15 Joer al sinn
- 3 Formatiounsweekender (au Choix)
- 1 Formatiounswoch "aide-animateur" (au Choix)
- Vakanzekolonie vu mindestens 10 Deeg als Moniteur

**Theme vun eise Formatiounen:**

- Eng Kolonie fir jiddereen
- Kreativitéit kennt keng Grenzen
- Kommunikatioun an all hire Facetten
- Sexualitéit
- Stressmanagement & Teambuilding
- Entdeckungsrees an der Natur
- Safety First



De genee Programm a weider Detailer sinn op **www.croix-rouge.lu** zu fannen.

# DES MONITEURS FORMÉS

Tous nos séjours de vacances sont encadrés par nos monitrices et moniteurs, qui ont suivi une formation organisée par la Croix-Rouge luxembourgeoise de la Jeunesse ou par une autre association avec un but similaire. Nos moniteurs/monitrices et nos responsables des colonies - étudiants, professionnels du secteur socio-éducatif ou bien moniteurs chevronnés - sont des bénévoles qui s'engagent sur leur temps libre et ne sont pas rémunérés.

Tous les ans, environ 200 personnes participent à l'action pour le bien-être de notre jeune clientèle.

**Curriculum de la formation "aide-animateur brevet B" :**
**150 heures de formation :**

- Être âgé d'au moins 15 ans
- 3 week-ends de formation (au choix)
- 1 semaine de formation (au choix)
- 1 activité de vacances (colonies) d'au moins 10 jours



**Les sujets de nos formations :**

- Week-end "Premier contact"
- Créativité
- Musique
- Conflits et problèmes dans une colonie
- La sécurité dans la colonie
- J'aime bien jouer ! Et toi ?
- Un enfant comme les autres
- Jeux pour aventuriers
- Jeux et sécurité autour la mer et piscine



Programme et détails sur
**www.croix-rouge.lu**

# FUESPARTY, ABENTEUER A VILLES MÉI ZU BEEFORT

12.02. > 16.02.2024

**FIR KANNER VU 4 BIS 7 JOER**



# FUESPARTY, ABENTEUER A VILLES MÉI ZU BEEFORT



## Fuesparty, Abenteuer a villes méi zu Beefort

Des Vakanz ass ganz speziell geduecht fir Kanner am Alter vu 4 bis 7 Joer a passt sech hiren Wënsch un.

De Site vun der Jugendherberg zu Beefort ass och ganz flott. Hannert dem Haus ass eng grouss Wiss an am Duerf flott Spillplaze, wou ee flott Spiller maache kann.

Niewent Spill- a Geschichtenowender a ganz vill guddem Iessen, wäerte mir nach vill Bastelen a Baken. Alles passend zum Thema „Wanter a Fuesent".

Als Ofschloss däerf natierlech eng grouss Fuesparty net feelen!

**Wann dech dat heiten uspriecht, da mell dech u fir d'Kolonie Fuesparty zu Beefort.**

## Carnaval, aventures et bien plus

Ce séjour de vacances est adapté aux besoins des plus jeunes : les enfants de 4 à 7 ans.

Le site de l'auberge de jeunesse est très agréable. Il y a une grande prairie derrière la maison : le lieu s'avère idéal pour organiser toutes sortes de jeux.

Dans le village, plusieurs aires de jeux invitent à des expéditions dans l'air frais de l'hiver.

En plus des soirées de contes, nous aurons aussi l'occasion de bricoler et de confectionner des pâtisseries. Tout cela autour du thème de l'hiver et du carnaval.

Et pour terminer le séjour en beauté, une fête à ne pas manquer : la «Fuesparty» !

**Intéressé(e) ? Inscris-toi...**

| Destination | Dates | Nombre de jours | Participants | Nombre d'enfants | Tarif plein | Tarif modéré | Accessible aux enfants ayant un handicap |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| *Meng Fuesparty zu Beefort (L)* | *12.02.24 > 16.02.24* | *5* | *4 - 7 ans* | *20* | *400 €* | *300 €* | *OUI* |


OUSCHTERVAKANZ
AM PARC HOUSEN
08.04. > 13.04.2024
FIR KANNER VU 4 BIS 7 JOER

# OUSCHTERVAKANZ AM PARC HOUSEN


## Den Ouschterhues op Besuch am Éislek

Eng nei Kolonie fir eis klengste Kanner vu 4 bis 7 Joer. Et handelt sech em eng Vakanz vollgepackt mat Spill a Spaass an alles ronderëm Ouschteren. Op dee flotte Site vun der Jugendherberg Sispolo zu Housen kann ee flott Spiller maachen, Expeditiounen an de Bësch ënnerhuelen, looss dech iwwerraschen.

Niewent engem Besuch vum Ouschterhues an der traditioneller Ouschtereeërsich, bidden deng Moniteuren dir nach vill aner flott Aktivitéiten, wéi z. B. ee Spillnomëtteg am Bësch, flott Geschichtenowender mat all de Kanner, op d'Spillplaz goen, selwer baken, bastelen an nach villes méi.

Hues du Loscht, deng Vakanz mat ons ze verbréngen, a vill Spannendes ze erliewen, dann zéck net a mell dech un.

**Mir freeën eis, dech kennen ze léieren.**



## Le Lapin de Pâques en visite au Eislek

Ce nouveau séjour s'adresse aux tout petits, âgés de 4 à 7 ans. Nous avons préparé un séjour plein de jeux et d'amusements autour la fête de Pâques. Sur le beau site de l'auberge de jeunesse Sispolo à Hosingen, tu auras la possibilité à participer à des jeux organisés par tes moniteurs ou à des expéditions dans la forêt autour du site.

Sont également au programme : la visite du lapin de Pâques, une chasse aux œufs et plein de jeux et d'autres activités comme des soirées dédiées aux histoires. Nous avons également prévu des ateliers avec tous les enfants : pâtisserie, bricolage… qui viendront compléter le programme de la semaine.

Envie de partager une semaine de vacances avec nous ? N'hésite pas et inscris-toi.

**Nous avons hâte de t'accueillir et de faire ta connaissance !**

| Destination | Dates | Nombre de jours | Participants | Nombre d'enfants | Tarif plein | Tarif modéré | Accessible aux enfants ayant un handicap |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Den Ouschterhues op Besuch am Éislek (L) | 08.04.24 > 13.04.24 | 6 | 4 - 7 ans | 20 | 450 € | 340 € | OUI |



Vëlo fuere kilometerwäit? Mam Kayak net nëmme paddelen?
Wandmillen, Séihënn, mam Boot fueren a villes méi kanns du hei erliewen!

**DA KOMM MAT ONS AN HOLLAND AN D'VAKANZ!**

# Mam Vëlo & Kayak ënnerwee!

20.07. - 02.08. FIR 13 - 15 JOER

03.08. - 16.08. FIR 11 - 13 JOER



NL

# MAM VËLO & KAYAK ËNNERWEE

## Vakanz fir aktiv Jonker

Och dëst Joer fuere mer erëm op Wehe-den Hoorn/Groningen an d'Haus „Energiek", um nërdlechsten Zipfel vun Holland. Dat aalt Bauerenhaus ass speziell op d'Besoine vu Gruppen ausgeriicht. Gemittlech Schlof- a Openthaltszëmmer, eng grouss a voll equipéiert Kichen zum sëlwer kachen, an eng riseg Wiss hannert dem Haus lueden zum gemittlechen Zesumme sinn an.

Wehe-den Hoorn ass en typescht Duerf am West-Friesland, mat senge Grachten, sengen typesche Wandmillen a wie kann et net aneschtes sinn, kilometerwäit Vëlospisten. Wehe-den Hoorn läit nëmmen eng 10 Kilometer vum Wattemier ewech, wou ee mam Vëlo ka gemittlech hifueren.

Di optimal Lag erméiglechen onzieleg Vëlostouren, eenzegaarteg Faarten mam Kajak an eemoleg Ausflich. Ee vun den Highlights vun dëser Vakanz wäert sécher eng Wattwanderung sinn, wou een d'Méiglechkeet wäert kréien, all Zorte vu Kriibsen, Muschelen a Fësch ze gesinn, a mat e bësse Chance och déi eng oder aner Robb.

**Eng optimal Mëschung fir sportlech Jonker.**

## Vacances sportives

Comme l'année dernière, nous allons passer quelques semaines tout au nord des Pays-Bas à Wehe den Hoorn/Groningen dans notre maison «Energiek». La ferme est parfaitement équipée pour accueillir des groupes comme le nôtre.

Chambres à coucher et séjour confortables, cuisine complètement équipée pour préparer facilement les repas et une terrasse immense avec de multiples possibilités de faire du sport : voici quelques-uns des avantages de cette maison. Sa situation géographique optimale offre de nombreuses balades à vélo, de fantastiques sorties en canoë et des possibilités d'excursions exceptionnelles.

Les deux points forts de ces vacances seront certainement les balades sur la plage à marée basse (parfait pour les randonnées!) et les possibilités de faire du kayak.

**Un programme idéal pour les sportifs.**



| Destination | Dates | Nombre de jours | Participants | Nombre d'enfants | Tarif plein | Tarif modéré | Accessible aux enfants ayant un handicap |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Groningen 1 (NL) | 20.07.24 > 02.08.24 | 14 | 13 - 15 ans | 25 | 750 € | 563 € | Nous contacter s.v.p |
| Groningen 2 (NL) | 03.08.24 > 16.08.24 | 14 | 11 - 13 ans | 25 | 750 € | 563 € | Nous contacter s.v.p |

# ABENTEUER? SEEGELEN? WELLEN? DAT GEFÄLT DIR?

## 20.07. > 02.08.2024



Da komm mat ons
op d'Dageraad e Seegeltour duerch
d'Ijsselmeer maachen!

**FIR JUGENDLECHER VU 14–17 JOER**

# IJSSELMEER: MAM SEEGELSCHËFF "DAGERAAD" DUERCH D'IJSSELMEER

## Séifuerer-Gefill

Du waars schonn ëmmer e Fan vun Abenteuer an hues och scho bal alles matgemaach? Et feelt dir just nach e Seegeltour mat engem richtege Seegelboot? Dann bass du hei genau richteg!


Den Zweemastklipper **„Dageraad"** ass 41 Meter laang a gehéiert zu de gréissten an originellsten holländesche Charterschëffer iwwerhaapt. Alles op dësem Schëff ass grouss, de Salon, dee fir di gemeinsam a selwer preparéiert Séimannskascht benotzt gëtt, awer och d'Schëffskichen an där mir wäerte selwer kachen.

Di ganz besonnesch Atmosphär op dësem Schëff wäerte mer wärend deene 14 Deeg zesumme fillen an och selwer beaflosse kennen. Zesummen d'Seegele setzen, d'Iesse virbereeden a wann et muss sinn och den Deck schruppe sinn nëmmen e puer Aufgaben, déi ons vun engem erfuerene Skipper wäerte geleiert ginn. Jee nodeems wei d'Wieder ass an de Wand dréinen, seegele mer um Ijsselmeer, fueren op déi frisesch Inselen an d'Nordmier oder loossen ons op engem vun deene ville Kanäl einfach nëmme mat der Stréimung dreiwen. Een Highlight vun dëser besonnescher Rees wäert sécher sinn datt mer ons um Wattemier „dréchen" fale loossen, sou datt jidderee ka vum Schëff goen ouni d'Féiss naass ze kréien!

**D'Mier an all senge Variante genéissen!**

## Ohé du bateau

Imaginez-vous assis sur un bateau à voile et vous n'entendez que le bruissement des vagues et le vent dans la voile. Le clipper à deux mâts «Dageraad» est l'un des plus grands voiliers néerlandais traditionnels pour passagers avec une longueur de 41 mètres. Selon le vent et les conditions météorologiques, nous voguerons sur la mer d'Ijssel, nous irons aux îles frisonnes ou nous naviguerons sur des canaux passant dans l'intérieur du pays.



Des connaissances en voile ne sont pas nécessaires. L'équipe est constituée autour d'un Skipper expérimenté, qui expliquera volontiers l'art de la voile. Il suffit d'avoir envie d'apprendre et de participer ! Clou du voyage : notre clipper jettera l'ancre dans les estrans. Ainsi tous les participants pourront descendre au sec et apprendre de tout près l'étendue infinie des mers.

**Profiter à fond de la mer !**

| Destination | Dates | Nombre de jours | Participants | Nombre d'enfants | Tarif plein | Tarif modéré | Accessible aux enfants ayant un handicap |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Mam Seegelboot (NL) | 20.07.24 > 02.08.24 | 14 | 14 - 17 ans | 25 | 1200 € | 900 € | Nous contacter s.v.p |



# LA PANNE ROCK'N'ROLL




Du méchs gäre Vakanz mat Kolleegen?

Gees gäre laanscht d'Mier spadséieren?

Da komm mat ons op La Panne an der Sandkaul!

# R&R AN DER SANDKAUL

## La Panne Rock'n'Roll

Dës Vakanz riicht sech u jonk Läit mat engem Handicap ab 16 Joer. An engem flotte Kader, eis Vakanzenhaus «Sandkaul» läit 400 Meter vun der Plage ewech, bidde mir hinnen e puer Deeg Vakanz zesumme mat Gläichgesënnten. Hei ka jiddereen sech erhuelen, sech ameséieren, Spaass hunn, an dëst an engem deene jeeweilege Besoinen ugepasste Rhythmus. Begleet ginn di jonk Leit vu jonke Benevolle vum Jugendroutkräiz, déi hei zesumme mat hinnen e puer flotter Deeg wëllen verbréngen. D'Aktivitéite sinn un di jeeweileg Handicappe vun de Participanten ugepasst. Mir maache flott Spadséiergang duerch d'Dünewelt, gi Minigolf spillen, Gokart fueren, buddelen um Strand, Schocki drénken op der Digue mat engem gudden Eisekuch, an e Besuch am bekannte Plopsaland ass och geplangt.

**Mir freeën ons zesumme mat dir op eng flott Vakanz.**

## La Panne Rock'n'Roll

Ce séjour de vacances s'adresse aux jeunes gens atteints d'un handicap, à partir de 16 ans. Située au calme, notre maison de vacances se trouve à deux pas de la plage pour des vacances inoubliables. Ici chacun peut récupérer, au rythme de ses besoins. Les jeunes sont accompagnés de jeunes bénévoles de la Croix-Rouge de la Jeunesse qui souhaitent passer quelques jours avec eux. Les activités sont adaptées aux handicaps respectifs des participants. Au programme du séjour : de longues promenades dans les dunes, du mini-golf, détente sur la plage, boire un bon Choky sur la digue en mangeant une bonne gaufre et la visite du célèbre parc d'attractions Plopsaland.

**A très bientôt pour des super vacances !**

| Destination | Dates | Nombre de jours | Participants | Nombre d'enfants | Tarif plein | Tarif modéré | Accessible aux enfants ayant un handicap |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| R&R an der Sandkaul (B) | 08.04.24 > 12.04.24 | 5 | > 16 ans | 15 | 500 € | 375 € | OUI |
| La Panne R&R (B) | 02.09.24 > 11.09.24 | 10 | > 16 ans | 20 | 750 € | 563 € | OUI |




VAKANZ
MAT KOLLEEGEN
Op der belscher Plage
WOU?
Zu La Panne an onsem Vakanzenhaus Sandkaul

# VAKANZ MAT KOLLEEGEN OP DER BELSCHER PLAGE

## Fir eis kleng Piraten

Bei Ebbe Muschele sammelen a Kriibse fänken, d'Naturreservat entdecke mat senger wëller Fauna a Flora, Sandbuerge bauen, mam Gokart iwwert d'Digue fueren, eng Partie Minigolf spillen oder en Draach klamme loossen. Dobäi nach méiglechst vill Stonne Sonn! Dat ass déi ideal Vakanz fir Grouss a Kleng. An wou kéint een dës Vakanz besser verbréngen ewéi op der belscher Küst.

Onvergiesslech Deeg di vervollstännegt ginn duerch onse Programm mat selwer produzéierten Aktivitéite ronderëm onst Vakanzenhaus „Sandkaul", dat nëmmen 400 Meter vum Mier ewech läit. Ganz besonnesch eraus ze hiewen un onsem Vakanzenhaus sinn säin Amphitheater an awer och säi Liichttuerm, déi de Charme vun der „Sandkaul" ausmaachen an onverwiesselbar si. **Hei wäerts du dech garantéiert wuel fillen!**

## Pour nos petits pirates

Chercher des coquillages et des crevettes à marée basse, faire des excursions dans la fantastique réserve naturelle avec sa faune et flore sauvage, bâtir des châteaux de sables, rouler en Go-kart sur la digue, faire une partie de mini-golf ou faire voler des cerfs-volants.

Tout cela avec une bonne dose de soleil. Les vacances idéales pour petits et grands. Et quelle meilleure destination de vacances que la côte belge ? Notre maison de vacances «Sandkaul», située à 400 m de la plage, t'accueille avec son grand amphithéâtre et son grand phare typique. **Tu t'y sentiras au top !**

| Destination | Dates | Nombre de jours | Participants | Nombre d'enfants | Tarif plein | Tarif modéré | Accessible aux enfants ayant un handicap |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| La Panne Päischten (B) | 25.05.24 > 31.05.24 | 7 | 7 - 11 ans | 30 | 550 € | 413 € | OUI |
| La Panne 1 (B) | 17.07.24 > 26.07.24 | 10 | 9 - 12 ans | 40 | 700 € | 525 € | OUI |
| La Panne 2 (B) | 29.07.24 > 07.08.24 | 10 | 7 - 11 ans | 40 | 700 € | 525 € | OUI |
| La Panne 3 (B) | 10.08.24 > 19.08.24 | 10 | 7 - 11 ans | 40 | 700 € | 525 € | OUI |
| La Panne 4 (B) | 22.08.24 > 31.08.24 | 10 | 6 - 12 ans | 40 | 700 € | 525 € | OUI |

# SUMMERVAKANZ AM ÉISLEK

Spill a Spaass? Dat gefält dir? Da komm mat ons op Housen an déi flott Jugendherberg Sispolo!



# SUMMERVAKANZ AM ÉISLEK – MAT FRËNN AN D'VAKANZ

## Fir déi ganz Kleng

Vakanz mat Frënn - dat mécht Spaass. Dëst Joer maache mir Vakanz zesummen op enger spannender Plaz! Als Ausgangsbasis déngt ons déi flott Jugendherberg Sispolo zu Housen, wou mer eng flott Platz hunn ons Expeditioun ze plangen an ze starten.

Deng Moniteursekipp wäert sech vill Méi gi mat dir an denge Kolleegen zesummen hei 1 ganz flott Woch ze verbréngen.

**Looss dech iwwerraschen a komm mat!**


## Pour les tout petits

Les meilleures vacances se passent entre amis ! Cette année nous allons passer des vacances dans un endroit très spécial ! Nous établirons notre quartier général dans l'auberge de jeunesse Sispolo à Hosingen, un endroit super pour préparer et démarrer nos expéditions.

Tes moniteurs vont tout faire pour que tu passes une semaine inoubliable avec tes copains.

**Rejoins-nous pour une super semaine de vacances !**

| Destination | Dates | Nombre de jours | Participants | Nombre d'enfants | Tarif plein | Tarif modéré | Accessible aux enfants ayant un handicap |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Summervakanz am Éislek 1 (L) | 07.08.24 > 13.08.24 | 7 | 4 - 7 ans | 20 | 450 € | 340 € | OUI |
| Summervakanz am Éislek 2 (L) | 20.08.24 > 26.08.24 | 7 | 4 - 7 ans | 20 | 450 € | 340 € | OUI |



| Destination | Dates | Nombre de jours | Participants | Nombre d'enfants | Tarif plein | Tarif modéré | Accessible aux enfants ayant un handicap |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Meng Fuesparty zu Beefort (L) | 12.02.24 > 16.02.24 | 5 | 4 - 7 ans | 20 | 400 € | 300 € | OUI |
| Den Ouschterhues op Besuch am Éislek (L) | 08.04.24 > 13.04.24 | 6 | 4 - 7 ans | 20 | 450 € | 340 € | OUI |
| R&R an der Sandkaul (B) | 08.04.24 > 12.04.24 | 5 | > 16 ans | 15 | 500 € | 375 € | OUI |
| Groningen 1 (NL) | 20.07.24 > 02.08.24 | 14 | 13 - 15 ans | 25 | 750 € | 563 € | Nous contacter s.v.p |
| Groningen 2 (NL) | 03.08.24 > 16.08.24 | 14 | 11 - 13 ans | 25 | 750 € | 563 € | Nous contacter s.v.p |
| Mam Seegelboot (NL) | 20.07.24 > 02.08.24 | 14 | 14 - 17 ans | 25 | 1200 € | 900 € | Nous contacter s.v.p |
| Summervakanz am Éislek 1 (L) | 07.08.24 > 13.08.24 | 7 | 4 - 7 ans | 20 | 450 € | 340 € | OUI |
| Summervakanz am Éislek 2 (L) | 20.08.24 > 26.08.24 | 7 | 4 - 7 ans | 20 | 450 € | 340 € | OUI |
| La Panne Päischten (B) | 25.05.24 > 31.05.24 | 7 | 7 - 11 ans | 30 | 550 € | 413 € | OUI |
| La Panne 1 (B) | 17.07.24 > 26.07.24 | 10 | 9 - 12 ans | 40 | 700 € | 525 € | OUI |
| La Panne 2 (B) | 29.07.24 > 07.08.24 | 10 | 7 - 11 ans | 40 | 700 € | 525 € | OUI |
| La Panne 3 (B) | 10.08.24 > 19.08.24 | 10 | 7 - 11 ans | 40 | 700 € | 525 € | OUI |
| La Panne 4 (B) | 22.08.24 > 31.08.24 | 10 | 6 - 12 ans | 40 | 700 € | 525 € | OUI |
| La Panne R&R (B) | 02.09.24 > 11.09.24 | 10 | > 16 ans | 20 | 750 € | 563 € | OUI |

## INFORMATIONS GÉNÉRALES SUR LES DIFFÉRENTS SÉJOURS

**Lëtzebuerger Jugendroutkräiz**
**Service Vacances - Romain Peters**
**B.P.51 L-8005 Bertrange**
10, Cité Henri Dunant
L-8095 Bertrange

**T.:** +352 2755 6202
**Email:** vacances@croix-rouge.lu
**www.croix-rouge.lu**

## CONTACT ET INSCRIPTIONS

**Lëtzebuerger Jugendroutkräiz**
**Service Vacances - Patrick Morn**
**B.P. 51 L-8005 Bertrange**
10, Cité Henri Dunant
L-8095 Bertrange

**T.:** +352 2755 6203
**Email:** vacances@croix-rouge.lu
**www.croix-rouge.lu**

KJT

D'Jugendroutkräiz ass Botschafter vum Kanner-Jugendtelefon.